Petitioun : Fir méi Sécherheet um neie P&R Schweebech

Als Awunner am direkten Ëmfeld vum neie P&R Schweebech, si mir frou, datt d'Aarbechten endlech ugefaangen hunn a lo zügeg weiderginn. Mir begréissen och, datt d'Vitess op dëser Platz erofgesat gëtt an datt zwou Inselen endlech no laange Joren deene geféierlechen Iwwerhuel-Manöveren en Enn maache wäerten. Et ginn allerdéngs e puer Punkten, wou mir eis Suerge maachen an déi mir wëllen dem zoustännege Minister duerleeën.

Aktuell gëllt eng Vitess-Limitatioun vun 90 km/h, obschonns do e Bus-Arrêt an e Vëlos-Wee sinn.
Des Limite gëtt vu villen Automobiliste leider absolut net respektéiert, genau sou wéineg wéi den duerchgezunne Strëch, wou aus béide Richtungen iwwerholl gëtt, notamment de Bus, dee beim Post-Haus säin Arrêt huet. Dëst féiert zu extrem geféierleche Situatiounen an huet och schonns an der Vergaangenheet fir schro Accidenter gesuergt. Trotz dëser geféierlecher Situatioun, di jidderengem bekannt ass, gesäit ee quasi ni eng Kontroll vun der Police.

All di un dëse P&R ugrenzend Dierfer, besonnesch Schweebech, Kaalmes, Iewerleng an Useldeng, wuessen, haaptsächlech duerch d'Bäizéie vu Famillje mat Kanner. Virun allem jonk Leit aus dëse Gemengen huele weiderhi vill de Bus hei fir op Réiden ze fueren. An dëst, gëllt ëmsou méi, wann dësen Arrêt ee klenge Pôle d'Echange am neien RGTR-Netz wäert sinn.

Dem neie Plang no, bleift de Bus-Arrêt op der aktueller Plaz, wou den Trafic am beschte Fall mat 70 km/h laanscht saust. Aus eisen An geet dës Vitess-Limitatioun net duer, wëll si wäert net vill Changementer bréngen.

Fir eise Kanner an all de Benotzer vum Bus eng maximal Sécherheet ze garantéieren, hu mir verschidde Propositiounen, déi dofir missten a Betruecht gezu ginn:

- Op der Platz vum Bus-Arrêt misst d'Vitess op 50 km/h reduzéiert ginn an zwar net vun 90 km/h op 50km/h, mee béidsäiteg an 2 Stufen: als éischt vun 90km/h op 70km/h an dann op 50 km/h e puer 100 Meter virum Bus-Arrêt. D'Anhale vun dëser Vitess **muss** duerch ee fixe Radar erzwonge ginn. Et misst ee richtegen Zebrasträifen dohinner komme mat enger ugepasster Beliichtung.
  Optimal wier natierlech zousätzlech eng rout Luucht beim Zebrasträifen.
- Eng aner Alternative wier eng Unterführung fir souwuel d'Vëloe wei och d'Foussgänger. Dëst ass zwar eng opwänneg Léisung, mee mir fannen se och ee Kilometer weider rëm, wou d'Vëlospist d'N12 kräizt.
- Di einfachst Léisung wier, datt all Bus Richtung Réiden an di dofir virgesinnen Abuchtung um P&R fiert an da rëm lenks op d'Nationale ofbéit. Radargesteiert rout Luuchte géingen hei Sënn maachen fir dem Bus d'Virfaart op der Nationale ze ginn.

Wéi Dir gesitt, ginn et eng ganz Rei Méiglechkeeten, déi bis elo awer leider net an der Planung berécksiichtegt goufen. Aus deem Grond géife mir de Minister bieden, am Interêt vun der Sécherheet vun all deene Leit, di de P&R notzen a virun allem de Schoulkanner, d'Pläng ze iwwerschaffen an eng méi sécher Léisung ëmzesetzen. Nëmme sou kann de Projet P&R e sécheren an erfollegräiche Projet ginn.

Mat menger Ënnerschrëft, bieden ech Iech d'Sécherheet vum Iwwergang *Schweebecherbréck* ze verbesseren.

Lëscht vun de Signataires (>18 Joër)

	Numm	**Virnumm**	**Gemeng**	**Ënnerschrëft**
1	_____	_____	_____	_____
2	_____	_____	_____	_____
3	_____	_____	_____	_____
4	_____	_____	_____	_____

Ënnerschreift w.e.g. direkt op eisem Internetsite bit.ly/3nO9GNJ oder
maacht w.e.g. eng Foto vum ënnerschriwwene Formulaire & schéckt en op BusSchweebech@gmail.com oder
schéckt de Formulaire w.e.g. op d'Sëller Gemeng: 8, rue Principale L-7470 SËLL

Deadline : 31.01.2021

Merci villmools fir Är Ënnerstëtzung!

Kontakt: Martine & Daniel Jason-Wiltgen, Jeanne & Pedro Kollwelter-Wiltgen, Marianne & Claude Wiltgen-Sanavia vu Schweebech
BusSchweebech@gmail.com

Pétition : Pour une meilleure sécurité au P&R Schweebach

En tant qu'habitants proche de Schwebach, nous (un groupe de familles de la commune de Saeul) nous réjouissons que les travaux du nouveau P&R, si indispensable, ont finalement démarré. Ce projet prévoit une réduction de la vitesse ainsi que l'installation de deux îlots de circulation. Celles-ci mettront fin à de longues années de manœuvres de dépassement dangereuses. Mais il reste des problèmes de sécurité importants, auxquels il faut remédier sans tarder et que nous aimerions porter à l'attention du ministre concerné.

La limitation de vitesse actuelle de 90 km/h ne tient pas compte de la présence d'un arrêt de bus et d'une piste cyclable. Pire, cette limitation, ainsi que la ligne de sécurité, ne sont absolument pas respectées par la plupart des automobilistes. Surtout le bus, arrêté près du bâtiment de la poste, est doublé fréquemment. Ces situations extrêmement périlleuses ont déjà causé de sérieux accidents. Même si cette situation est connue par les autorités compétentes, il n'y a presque jamais de contrôle de police à cet endroit.

Tous les villages en bordure du P&R, notamment Schwebach, Calmus, Everlange et Useldange, sont en pleine croissance, provoquée principalement par l'afflux de familles avec enfants. Surtout les jeunes de ces communes continuent à prendre le bus à la *Schweebecherbréck* pour rejoindre Redange. Et ceci, d'autant plus comme cet arrêt sera un petit pôle d'échange une fois le nouveau réseau RGTR opérationnel.

Selon le nouveau plan d'exécution, l'arrêt restera sur la route nationale à l'emplacement actuel, les voitures y passant à 70km/h. Selon nous, cette limitation ne suffira pas pour remédier à cette situation périlleuse.

Afin de garantir à nos enfants et à tous les utilisateurs du transport public, une sécurité maximale, une des propositions suivantes doit être analysée en détail :

- A la hauteur de l'arrêt de bus, la vitesse de circulation devrait être portée à 50 km/h. Nous suggérons de faire ceci en deux étapes : une réduction de 90 km/h vers 70 km/h, suivie d'une réduction à 50 km/h, au moins 100 mètres avant l'arrêt de bus (dans les deux sens). Le respect ce cette limitation **doit** impérativement se faire par le biais d'un radar fixe. Le passage pour piétons devra être muni d'un éclairage adapté - idéalement avec feux rouges.
- Une autre alternative serait la construction d'un passage souterrain pour les piétons et cyclistes. Cette solution a d'ailleurs été choisie 1km plus loin, pour le croisement de la piste cyclable avec la N12.
- La solution la plus facile serait de faire virer chaque bus en direction de Redange dans l'encoche prévu sur le nouveau P&R dont l'entrée se fait par la rue du village de Schwebach. Le bus saurait laisser sortir et accueillir les passagers sans aucun danger. Ensuite, il pourrait retrouver la route nationale vers Redange sans délais, grâce à des feux de circulation commandés.

Malheureusement aucune de ces options n'a été prise en compte sur le plan actuellement en exécution. Voilà pourquoi nous demandons au Ministre concerné, dans l'intérêt de la sécurité de tous ceux qui utiliseront le P&R, et surtout pour la sécurité de nos enfants, d'adapter le plan, en ajoutant une solution plus sécuritaire. Sans de telles modifications, le P&R ne connaîtra ni sécurité ni succès.

Par ma signature, je demande aux autorités compétentes de revoir le passage piéton à *Schweebecherbréck.*

Liste des signataires (>18 ans)

	Nom	**prénom**	**commune**	**signature**
1	_____	_____	_____	_____
2	_____	_____	_____	_____
3	_____	_____	_____	_____
4	_____	_____	_____	_____

Signez svp en direct sur notre site : bit.ly/3nO9GNJ ou
faites svp une photo de ce formulaire signé et envoyez-la par mail à BusSchweebech@gmail.com ou envoyez-le svp par courrier à l'Administration Communale 8, rue Principale L-7470 SAEUL.

Dernier délai : 31.01.2021

Un grand Merci pour votre support !

Contact: Martine & Daniel Jason-Wiltgen, Jeanne & Pedro Kollwelter-Wiltgen, Marianne & Claude Wiltgen-Sanavia de Schwebach
BusSchweebech@gmail.com